**Un d'Membere vun der Kommissioun vum 3. Alter**

*Copie: Gemengerot vun der Gemeng Kiischpelt*
*Secretariat Gemeng Kiischpelt*

**Rapport vun der Komissiouns Versammlung vum**

**03. Januar 2025 (16:15 Auer) zu Wëlwerwolz**

**Présent:** Sepp Pannrucker, Kaiser-Patz Josée, Lutgen-Lentz Antoinette, Kaiser Yves
**Abscent :** -

**Ordre du jour**

**Punkt 1: Eessen vum 3. Alter**

Bis elo hunn sech 40 Léit ugemellt
De Menu steet an et ass alles esou wäit preparéiert
D'Dësch Uerdnung mécht d'Antoinette
Ëm d'Kaddoen fir d'Jubilarinnen a Jubilaren këmmert d'Antoinette sech
(Dammen →Blummen, Männer → Wäin)
Mir leeën erëm Deplianten mat de Servicer déi mir ubidden op d'Dëscher

**Punkt 2: "Appelle à projet" vum Ministère de la Famille**

Mir hunn decidéiert, datt mir kee Projet hunn, dee mir bei hinnen erareeche kënnen.

**Punkt 3: Aktivitéiten 2025**

Well et fir all Ausfluch relativ vill Bréiwer sinn, déi un d'Léit eraus geschéckt ginn, an awer ëmmer nëmmen e puer un den Ausflich deelhuelen, hu mir decidéiert datt am Februar e Flyer un all d'Léit iwwer 60 Joer geschéckt gëtt, mat den Ausflich déi fir dat ganzt Joer geplangt sinn. Si kënnen sech mellen wann se un enger, oder méi Aktivitéiten interesséiert sinn, an da kréien si Detailer zu de jeeweilegen Aktivitéiten zougeschéckt. Natierlech kann awer och jiddereen matgoen, deen sech elo net op de Flyer mellt! De Sepp preparéiert de Flyer.

Aktivitéiten 2025:
Visitt Belval
Visitt Oktave

Kommissioun 3. Alter
Gemeng Kiischpelt

Visitt Fouer
Ausfluch Marie-Astrid
Imkerei kucke goen
Vëlostier
Eventuell Visitt vun de Feierlechkeeten vum Trounwiessel

**Punkt 4: Divers**

Déi nächst Reunioun ass den 28.2 um 16:15

**Sepp Pannrucker** | **Yves Kaiser**

President | Sekretär